# Apropos

## Aha-Effekt

RTL - 22.06.2011, 08:20 - Fir d'lescht aktualiséiert: 21.06.2011, 17:07



*Auteur: Jean-Luc Thill*

Mat der Ausso 'Aha' verbannen déi meescht vun eis deen Effekt, wann een iwwert eng Saach aus dem Staunen net méi sou richteg eraus kënnt. Bei sou Erliefnisser gewanne Kanner wéi Erwuessener méi oder manner schwéier Asiichten an Erkenntnisser, oft vun enger philosophescher Natur - dës "Pudels Kern" souzesoen.

"AHA" nennt sech awer och déi Allianz, wou Atheisten, Humanisten an Agnostiker sech 2010 zesummegedoen hunn, fir hir Interessie vu Kultur, Wëssenschaft a Pädagogik ze verbreeden an och ze verteidegen. Dat hunn se och dëst Joer schonns gemaach, ënnert anerem wéi se am Abrëll eise 60 Volleksvertrieder 3 Froen zu den Relatioune vum Lëtzebuerger Staat an de Reliounsgemeinschafte gestallt hunn.

D'Äntwerte vun eisen Dammen an Hären Deputéierten hunn allerdéngs net onbedéngt zu engem 'Aha-Effekt' gefouert – weder bei hinne selwer, nach do baussen. Dofir wuel éischter zu engem einfachen 'Heureka', virun allem wann ee bedenkt, datt ganz Fraktiounen iwwerhaapt keng Äntwert op déi Froe schéngen ze hunn oder kollektiv äntwerten, 'en bloc' oder 'en vrac', dat iwwerloossen ech lech. Just wien nach ni un enger Regierung bedeelegt wor, huet brav geäntwert an et gëtt een d'Gefill net lass, datt hei op ee spéideren 'Aha-Effekt' beim Wieler spekuléiert gëtt.

Sécher méi gestaunt hunn d'Leit iwwert déi d'Campagne "Net reliéis? Stéi dozou!" a spéitstens wéi bis Busser mat där Opschrëft duerch d'Land gefuer sinn, koum et och bei deem engen oder anere reliéise Veräin zum 'Aha-Erliefnis' - am duebele Sënn vum Wuert.

Wéi gutt mer dann elo wierklech dozou stinn an och d'Fro, wéi wäit d'Trennung vu Kierch a Staat dann ëmgesat ass, dovunner ka sech muer jidderee selwer e Bild maachen: bei der Iwwerdroung vum Te Deum, "live und in Farbe", wéi et sou schéin heescht. Oder gitt laangscht – am beschte mat Blumme vun der Tankstell (gell du Serge ...).